ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2021

Kopie un den Här Mars di Bartolomeo,
President vun der Institutiounekommissioun

Här President,

an deene leschte Méint ass déi Diskussioun nei geféiert ginn, ob an a wéi enger Form sollt un d'Spueniekämpfer aus der Zäit vum spuenesche Biergerkrich erënnert ginn.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR notéiert, datt et an deem Kontext kontrovers Meenunge gëtt, z.B. ëm déi Fro, op eng Plack fir déi Leit sollt um „Monument du Souvenir - Gëlle Fra" apposéiert ginn oder net.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR wéilt lech dowéinst bieden den Här Staatsminister an eng nächst Sëtzung vun der Institutiounekommissioun ze invitéieren, fir den Dossier ze exposéieren an d'Meenung vun der Regierung zu där Fro ze presentéieren.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser


ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706